

REÇU  
Par Christine Wirtgen , 14:26, 04/05/2020

Här Fernand Etgen  
President vun der  
Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 4.Mee 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bidden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministerin an un d'Madamm Familljeministerin weiderzeleeden.

Am Abléck leet d'Regierung vill Wäert drop, datt d'Schüler, déi an e puer Wochen hir Ofschlossexame schreiwen, sech op de Coronavirus teste loassen. Déi méi grouss a méi akut Gefor fir d'Gesondheet vun de Leit ass awer warscheinlech an den Altersheemer.

Dowéinst wéilt ech der Regierung dës Froe stellen:

1. Wéi eng Prioritéit hunn d'Altersheemer, d'Bewunner an d'Personal, bei der Corona-Testcampagne vun der Regierung?
2. Gëtt et spezial Moossname fir déi Membere vum Personal, déi aus besonnesch betraffene Regionen kommen ?
3. Ginn d'Bewunner vun den Altersheemer iwver de medezinesche Wäert, d'Fräiwöllegeet an d'Modalitéiten vum Test genee informéiert?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser  
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: JOME Laurent  
Tel: 247 85510  
Email: laurent.jome@ms.etat.lu

REÇU  
Par Alff Christian , 17:12, 08/06/2020

Monsieur le Ministre  
aux Relations avec le Parlement  
Service central de législation  
5, rue Plaetis  
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 5 juin 2020


Réf. : 832x40980

Concerne: Question parlementaire n° 2137 du 4 mai 2020 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune de Madame la Ministre de la Famille et de l'Intégration et de la soussignée à la question parlementaire n° 2137 du 4 mai 2020 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser concernant les "Tests du coronavirus dans les structures d'accueil pour personnes âgées et maisons de soin".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération distinguée.

  
Paulette LENERT  
Ministre de la Santé



**Réponse commune de Madame la Ministre de la Santé et de Madame la Ministre de la Famille et de l'Intégration à la question parlementaire n° 2137 du 4 mai 2020 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser concernant les "Tests du coronavirus dans les structures d'accueil pour personnes âgées et maisons de soins".**

All d'Bewunner esou wéi dat ganzt Personal an den Alters- a Fleegeheemer, am Total méi ewéi 13.000 Persounen, krute proposéiert sech op fräiwölleger Basis op de Coronavirus testen ze loosse. Dës Aktioun ass zénter dem 29. Mee ofgeschloss.

Zu dësem Zäitpunkt sinn an den 49 Haiser vun 5.463 Bewunner der 5.017 (91.8%) getest ginn. D'Resultater weisen, datt der dovun 10 positiv waren, dat heescht 0,2%. Gläichzäiteg si vun 7.924 Personalmemberen der 6.408 (80.9%) getest ginn, an dovu waren 12 Tester positiv (0,2%).

Dës Resultater beinhalten net d'Zuelen aus 3 Haiser déi d'Tester selwer duerchgefouert hunn. D'Zuelen dozou ginn am Moment vun der Gesondheetsdirektioun veraarbecht an dat finaalt Resultat muss nach an d'Datebank vun der Gesondheetsdirektioun intégréiert ginn.

Dat ganzt Personal gëtt gläich behandelt, a Leit mat COVID-19 Verdachtssymptomer gi vun der Aarbecht ausgeschloss a sollen sech teste loosse.

Wéi uewe schonns gesot, ass den Test op fräiwölleger Basis, wat och eng korrekt Informatioun iwwert den Test viraussetzt. Dës Informatioun hunn déi Responsabel vun den Alters- a Fleegeheemer hire Bewunner an hirem Personal och zoukomme gelooss.